

**Zeréck aus der Musterung, de 5. Oktober 1941**

(iewescht Rei: vu lénks no rechts)
SIEBENALER RENÉ †
BROBSOM LÉON †
MOSSONG LÉON †
ADAM NIC
BROBSOM PIR †

(ënne gebéckt)
WAGNER NIC †
CONTER J.P. †
LENERTZ POL
HEINTZ NIC
LENTZ JOS †

(an der Mëtt sëtzt)
WAHL MARTIN

FOTO: NIC ADAM

### 10. Oktober 1941

E wichtegen Datum an der Geschicht vun éisem Land. De Gauleiter Simon hat geplangt, duerch eng sougenannt "Personenstandsaufnahme" d'Lett ënnerschreiwen ze loossen, datt éis "Muttersprache" an éis "Volkszugehörigkeit" däitsch soll sin. Hien hätt domat d'Mëttel an d'Hand kréit, fir éis Jongen, déi en elo schunn an den "Arbeitsdienst" gezwongen hat, och an de Militärdéngst ze forcéieren.

D'Resistenz as an Aktioun getrueden an huet Flugziedele verdeelt an ënnert d'Diren eragestach:

Un all trei Lëtzebuerger

Léif Lëtzebuerger: Dir eleng wësst, wat fir eng Sprooch Är Mammesprooch as:
Nëmmen déi, déi Är Mamm iech geléiert huet.
Schreift duerfir op den Ziedel, deen der de 7. Oktober kréit,
déck a fest hannert 'Staatsangehörigkeit', 'Muttersprache'
a 'Volkszugehörigkeit':
**L ë t z e b u r g e r .**
Mir si Lëtzebuerger a mir wëllen et bleiwen

D'Resultat vun dësem kamufléierte "Plébiscite" vum 10. Oktober war nach nët ganz ausgezielt, du huet de Gauleiter d'Blamage, déi d'Lëtzebuerger em verpasst haten, schunn ageséin an huet alles ofgebrach.

D'Resultat war: Op déi dräi Froen, "Staatsangehörigkeit", "Muttersprache" a "Volkszugehörigkeit" haten d'Lëtzebuerger mat 96% "lëtzebuergesch" geäntwert.

### 14. November 1941

D'preisesch Luftwaffe zerstéiert an England déi grouss Industriestad Coventry.

### 7. Dezember 1941

Japan iwwerfällt ganz onerwaart Pearl Harbor op Hawai an zerstéiert e groussen Deel vun der amerikanescher Flott.





## En trauregt Ereegnes 1941 hei zu Befort

Wéi den Hitler déi jiddesch Bevölkerong an Däitschland verfollegt a verschlefe gelooss huet, sin e puer jong Judden op Befort kom an hun eng Zäitlaang a verschiddenen Hotele gewunnt, waarscheinlich fër op eng Méiglechkeet ze waarden, an d'Ausland ze kommen.

Hei am Duerf hat schun eng Zäitlaang eng gewësse Madame Juda mat hirem Fils Karel gewunnt. Si haten hiirt Haus am Huelewee, do wou elo d'Firma Isolux-Isorast dran as.

Enges Daags, géint Enn 1941, gi si festgeholl a fortgefouert. De Karel koum op Wittlich op d'Autobunn schaffen, séng Mamm awer op Theresienstadt, e Getto fër Judden. Déi doranner komm sin, ware fër d'Gaskummer bestëmmt, a kee Mënsch huet si je erëmgeséin. Honnertdausende sin do vergaast gin, an d'Madame Juda, 54 Jar al, wäert mat Sécherheet dat selwecht Schicksal erlidden hun.

Nodeem d'Mamm fort war, as de Karel zu Wittlich fortgelaf. Duerch Bëscher, Waasser an Hecken as hien op denen onméiglechsten Emweër bis an d'Schwäiz kom. Do gët hie vun de Schwäizer festgeholl a schu wollte si hien de Preisen ausliwweren. Op sei Biedelen hin hu si hie goe gelooss.




**Och** di protzeg Nazipropaganda konnt de Preisen d'Blamage beim Referendum nët erspueren

No Woche koum de Karel endlech erëm zu Befort un. A sénger Strooss, e puer Haiser méi wäit, koum hie bei der Famille Jodocy-Godfroid, klenge Bauerelett, ënnerdaach bis zur Liberatioun am September 1944.

Gläich huet de Karel sech der Resistenz ugeschloss an no der 1. Libératioun ënner dem Kommando vun der Gendarmerie Befort Déngst gemaach. Befort war deemools geleet vun dräi gebiertege Beforter Gendaarmen. Chef war de Paul Lenertz mat de Gendaarme Mett Heintz vun der Häd an Nic. Dostert aus der Kräizlä.

Trotz grousser Gefar, déi nach ëmmer bestanen huet, war de Karel ëmmer derbäi fër an der Beforter Ëmgéigend kontrolléieren ze gon.

Der Madame Juda an dem Karel hiirt Verbrieche war an den Ae vun den Nazien nëmmen: Si ware Judden.

### 11. Dezember 1941

Däitschland erklärt Amerika de Kréich.

### 15. Januar 1942

D'Lëtzebuerger Exilregirong erklärt de Preisen de Kréich.

### 19. Mee 1942

Mat alle Mëttelen as verséicht gin, der Resistenz op d'Spur ze kommen. Duerch en Dokument, dat der Gestapo an d'Fanger gefall war, gouwe vill Resistenzler verhaft a brutale Verhéieren ënnerzunn. Vill sin der an d'Prisongen a Konzentratiounslager komm a sin e Wee gaangen, vun deem der vill nët méi erëm komm sin.

Och hei zu Befort sin d'Gestapomänner (Geheime Staatspolizei) den 19. Mee opgedaucht, hu 6 Mann vun der LPL-Sektioun Befort verhaft an hun se an de Prisong an de Gronn gefouert.

Et waren dat:

| | | | |
|---|---|---|---|
| ADAM | COUNI, | 28 Jar al, | Metzlermeester; |
| BARTIMES | LÉON, | 26 Jar al, | Schneddermeester; |
| CONTER | PITT, | 23 Jar al, | Schoustermeester; |
| DONVEN | LÉON, | 23 Jar al, | Bürobeamten; |
| LORANG | PIERRE, | 27 Jar al, | Schräiner; |
| SCHILLING | LÉON, | 24 Jar al, | Bauer a Fouermann. |